Groupe parlementaire

n° 3109

REÇU
Par Alff Christian , 15:23, 06/11/2020

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Mir ass zougedroe ginn, datt deen 2014 ageweite Bëschkierfecht zu Keel mat senge begleedenden Infrastrukturaarbechten illegal erriicht gi wär, well déi néideg Geneemegungen net ugefrot gi wären. De Bëschkierfecht léich ausserdeem an Natura2000-Gebidder, souwuel am Hibléck op d'Habitat, ewéi och op de Vulleschutz, déi och nach als nationaalt Naturschutzgebitt aklasséiert wären.

Des Weideren wär de befestegten Haaptaccès esou ugeluecht ginn, datt een net op engem ëffentleche Wee eraus kënnt, mee op enger privater landwirtschaftlecher Parzell, esou datt de Proprietär sech genéidegt gefillt hätt, virun Allerhellegen den Accès op säin Terrain ze verspären.

An dësem Kontext hätt ech dës Froen un d'Madamm Ëmweltministesch:

1. Kann d'Madamm Ëmweltministesch confirméieren, datt beim Bau vum Bëschkierfecht zu Keel, besonnesch och bei deenen néidegen Infrastrukturaarbechten, ewéi beispillsweis de befestegte Weeër, keng Naturschutzgeneemegungen ugefrot goufen? Wéi e Statutt hunn déi betraffen Terrainen am Hibléck op de Schutz vun der Natur?
2. Wéi steet et mat deenen néidegen Impaktstudien op déi besoten Naturschutzgebidder?
3. Am Fall, wou Irregularitéite festgestallt goufen, ass den Dossier un de Parquet iwwermëttelt ginn?
4. Gëtt et eng Responsabilitéit an deem Dossier vun der zoustänneger Natur- a Bëschverwaltung? Wéi eng genee Zoustännegkeeten huet si an dësem Dossier? Wa Verstéiss vun der Säit vun der Verwaltung géint legal Dispositioune festgestallt goufen, hat dat administrativ, prozedural an/oder disziplinaresch Konsequenzen?
5. Wéi ass et ze erklären, datt d'Bëschverwaltung en Accès op e Bëschkierfecht esou geplangt huet, datt e sech zum gréissten Deel op engem privaten Terrain befënnt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 8 décembre 2020

REÇU
Par Alff Christian , 11:23, 08/12/2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°3109 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°3109 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°3109 vum 6. November 2020 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser iwwert de "Cimetière forestier des communes de Kayl/Schifflange"**

***Mir ass zougedroe ginn, datt deen 2014 ageweite Bëschkierfecht zu Keel mat senge begleedenden Infrastrukturaarbechten illegal erriicht gi wär, well déi néideg Geneemegungen net ugefrot gi wären. De Bëschkierfecht léich ausserdeem an Natura2000-Gebidder, souwuel am Hibléck op d'Habitat, ewéi och op de Vulleschutz, déi och nach als nationaalt Naturschutzgebitt aklasséiert wären.***

***Des Weideren wär de befestegten Haaptaccès esou ugeluecht ginn, datt een net op engem ëffentleche Wee eraus kënnt, mee op enger privater landwirtschaftlecher Parzell, esou datt de Proprietär sech genéidegt gefillt hätt, virun Allerhellegen den Accès op säin Terrain ze verspären.***

***An dësem Kontext hätt ech dës Froen un d'Madamm Ëmweltministesch:***

1. ***Kann d'Madamm Ëmweltministesch confirméieren, datt beim Bau vum Bëschkierfecht zu Keel, besonnesch och bei deenen néidegen Infrastrukturaarbechten, ewéi beispillsweis de befestegte Weeër, keng Naturschutzgeneemegungen ugefrot goufen? Wéi e Statutt hunn déi betraffen Terrainen am Hibléck op de Schutz vun der Natur?***

   Nee.

   Déi eenzeg Infrastrukturaarbecht, déi am Kader vum Bëschkierfecht Keel/Schëffleng realiséiert ginn ass, war e Bëschwee. Dëse Bëschwee gouf den 11. Abrëll 2013 iwwert dat deemolegt Naturschutzgesetz autoriséiert. De Bëschkierfecht läit am Natura-2000-Gebidd "Esch-sur-Alzette-Est–Anciennes minières/Ellergronn" (laut der Vulleschutz- an der Habitatdirektiv). De Bëschkierfecht läit net an engem nationalen Naturschutzgebitt.

2. ***Wéi steet et mat deenen néidegen Impaktstudien op déi besoten Naturschutzgebidder?***

   Well zu kengem Zäitpunkt ee signifikant negativen Impakt op d'Schutzziler vun dësen Naturschutzgebidder ze erwaarden war, respektiv bestanen huet, war eng verdéiwend Impaktetüd net noutwendeg.

3. ***Am Fall, wou Irregularitéite festgestallt goufen, ass den Dossier un de Parquet iwwermëttelt ginn?***

   Et gi keng Irregularitéiten.

4. ***Gëtt et eng Responsabilitéit an deem Dossier vun der zoustänneger Natur-a Bëschverwaltung? Wéi eng genee Zoustännegkeeten huet si an dësem Dossier? Wa Verstéiss vun der Säit vun der Verwaltung géint legal Dispositioune festgestallt goufen, hat dat administrativ, prozedural an/oder disziplinaresch Konsequenzen?***

   D'Naturverwaltung huet déi zwou Gemengen an dësem Projet berodend ënnerstëtzt (Hëllef beim Eraussiche vum Bësch, Planung vum Bëschwee, Eraussiche vun de Beem).

   Et gi keng Verstéiss.

5. ***Wéi ass et ze erklären, datt d'Bëschverwaltung en Accès op e Bëschkierfecht esou geplangt huet, datt e sech zum gréissten Deel op engem privaten Terrain befënnt?***

   Den Haaptaccès fir op de Bëschkierfecht ass tëscht Keel a Schëffleng um CR166. Dësen Accès benotzt een ale bestehende Wee, deen integral op ëffentlechem Terrain am Besch erauskënnt (Parcelle cadastrale 1696, Commune de Schifflange, section A de Schifflange). Bei engem zweeten Accès, ee Niewenaccès, wou ee bestehende Bëschwee aus dem Gemengebësch op ee

fréiere Wee vun der Arbed stéisst, besteet eng Onstëmmegkeet betreffend de Poprietéitsverhältnisser op e puer wéinege Meter. Laut der Analys vun der Naturverwaltung, baséierend souwuel op der Consultatioun vum Geoportail wéi och op enger Visite um Terrain, wier besote Wee integral op Gemengenterrain. Eng Neivermoossung duerch ee Geometer wäert an dëser Saach Kloerheet schafen.